
Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Den aktuelle Mangel u medezineschem Personal an de Spideeler zitt sech vun den Doktere bis hin zu den Infirmieren an Infirmièren. Eis gouf zougedroen, dass vill Infirmieren an Infirmière speziell Formatioune maachen, fir sech op bestëmmte medezinesch Felder ze spezialiséieren. Dacks wär et dann awer esou, dass si herno net an deene Beräicher schaffen, an deenen si dës speziell Formatioune gemaach hunn. An och bei Persoune mam Statut vum Travailleur handicapé sollen et grouss Problemer ginn, zum Beispill, dass si keng Plaz an hirem Beruff fannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Infirmieren an Infirmièren hunn an deene leschte 5 Joer spezifesch Formatioune gemaach, fir sech an engem medezinesche Feld ze spezialiséieren?
 2. Wéi vill vun dëse Persoune schaffen, Stand November 2022, an deenen Domainen, fir déi si speziell Formatioune gemaach hunn?
 3. Ginn et fir déi verschidde Statiounen an de Klinicken, zum Beispill d'Maternité, d'Radiologie asw., Virgaben, wéi vill Prozent vum Personal vun där Statioun mussen speziell Formatioune gemaach hunn?
Wa jo, wéi eng Virgabe sinn dat?
Wa nee, firwat net?
 4. Wéi vill Mataarbechter mam Statut Travailleur handicapé sinn aktuell an deenen eenzele Spideeler agestallt?
Wéi presentéieren sech dës Zuele par Rapport vun der Gesamtzuel u Personal pro Spidol?
 5. Wéi vill Infirmieren an Infirmièrë mam Statut vum Travailleur handicapé hunn an deene leschte 5
-

Jore Formatioune gemaach, fir sech an engem medezinesche Feld ze spezialiséieren?

6. Wéi vill vun dëse Persounen schaffen, Stand November 2022, an deem medezinesche Beräich, an deem si Formatioune gemaach hunn?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten